DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Lëtzebuerg, den 23. Mäerz 2023

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden:

*„Déi national Vëlospist PC35 soll an Zukunft eng Verbindung vun der Käerjenger-Suessemer Gare, iwwer Dippech an d'Dippecher Gare, bis op Bartreng an an d'Stad schafen. A senger Äntwert op déi parlamentaresch Fro n°2407 vum 17. Juni 2020 hat den Här Minister geschriwwen, dass zu deem Moment verschidden Avant-projeten am Gaange wieren ausgeschafft ze ginn, notamment wat d'Ënnerféierung vun der N5 op der Héicht vun der Gréiwelsbarrière an d'Opdroe vu engem feste Belag am Bësch tëscht Dippech a Bartreng betrëfft.*

*An deem Kader wollte mir dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten folgend Froe stellen:*

- *Wou sinn déi verschidden Aarbechten um PC35 drun?*
- *Wéini wäerten déi éischt Ofschnëtter vum PC35 fir d'Ëffentlechkeet kënnen opgoen?*
- *Wéini sollen alleguer d'Aarbechten op der ganzer Längt vum PC35 ofgeschloss sinn?"*

Mat déiwem Respekt,

| | |
|---|---|
| Max HAHN<br>Deputéierten | Frank COLABIANCHI<br>Deputéierten |